



Groupe parlementaire

Depot: Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, de 7. Mäerz 2023

Interpellat° - Défis de la  
Police Grand-Ducale

9

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- am Hibleck op d'Primmen, déi d'Police-Beamte kréien, am Abléck Inkoherenzen an Ongerechtegkeete bestinn;
- datt d'Police-Beamten z.B. an der C1- an der C2-Karriär eng "Prime de régime militaire" vu 35 Punkten an eng "Prime d'astreinte" vun 22 Punkte kréien (also am Ganze 57 Punkten) an d'Policebeamten an der Karriär B1 manner Primme kréien, nämlech eng "Prime de régime militaire" vu 15 Punkten an eng "Prime d'astreinte" vun 12 Punkten (also am Ganze 27 Punkten), woubäi si awer déi nämmelecht Zort vun Asätz absolvéieren - mam nämmechte Risiko, op deenen nämmechte Schichten -, ewéi d'Policebeamten an der C1- an C2-Karriär;

ass sech bewosst, datt

- et operationell iwverhaupt keng Rechtfäerdegung gëtt, déi sou Ënnerscheeder an de Primme justifiéiert an datt déi aktuell Dispositiounen dowéinst mussen als ongerecht consideréiert ginn;

fuerdert d'Regierung op,

- d'Primme vun de Police-Beamten, déi deene selwechte Contrainten a Risquen ënnerleien, unzegläichen.

  
Fernand Kartheiser